N° 8279
Entrée le 18.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

**Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes, op d'parlamentaresch Fro n°8279 vum 1. September 2023 vun den éierewäerten Deputéierte Laurent Mosar a Paul Galles iwwert "Hausse des importations de GNL russe''**

**•Trëfft déi beschriwwen Entwécklung beim Import vu russeschem Flëssegäerdgas op EU-Niveau och op Lëtzebuerg zou?**

- **Wa jo, ëm wéi vill Prozent ass den Import vu Lëtzebuerg am genannten Zäitraum par Rapport zu 2021 eropgaangen a wat sinn d'Grënn dofir?**

Am Joer 2021 gouf de Lëtzebuerger Gasverbrauch zu ronn 80 % iwwer d'Belsch gedeckt an de Rescht iwwer Däitschland. Däitschland war an dem Joer duerch déi verschidde Pipelinen a Kontrakter nach ee vun de weltwäit gréissten Importateure vu Gas aus russescher Produktioun. De Gas aus der Belsch hat säin Ursprong gréisstendeels aus Norwegen. Och wann en Traçage vu Gasmolekülen an engem europäesch interkonnektéierte Reseau net exakt méiglech ass, gëtt et statistesch Methode fir d'Origine vum Gas z'estiméieren. Esou huet Bruegel fir 2021 estiméiert, dass 13.8 % vum Lëtzebuerger Gas ursprénglech aus Russland koumen[1]. Et ass gläichzäiteg ze bemierken, dass dës Estimatioune reng op physesche Flëss, an net op kontraktuelle Relatioune baséieren. Weder an der Vergaangenheet, nach aktuell hunn d'Lëtzebuerger Fournisseuren direkt kommerziell Relatioune mat russesche Liwweranten.

Déi staark Reduktioun vum Import vu russeschem Pipeline-Gas an d'EU iwwer di lescht Méint (méi wéi 40% am Joer 2021 op elo manner wéi 10 %) gouf zum gréissten Deel iwwer Consommatiouns-Reduktioune kompenséiert. Och Lëtzebuerg huet am leschte Wanter 26.3% manner Gas wéi an der 5-järeger Referenzperiod verbraucht an doduerch och zu enger méi niddereger Ofhängegkeet vu Gasimporter bäigedroen. Gläichzäiteg goufen an Europa d'LNG (Liquified Natural Gas) Infrastrukture genotzt a weider ausgebaut fir d'europäesch Versuergungssécherheet ze stäerken. De gréissten Undeel vun LNG-Importer an Europa kënnt mat 48% dobäi aus den USA. Och wann ca. 14% vum LNG an der EU aus Russland kommen, läit deen insgesamten Undeel vu russeschem LNG an der EU-Gasconsommatioun nëmme bei 6 %. Absolut ass de Verbrauch vu russeschem Gas an der EU vun insgesamt 150.2 bcm am Joer 2021 op 28.5 bcm am Joer 2023 (Januar bis inklusiv August) zréckgaangen.

Op Nofro hin huet de gréisste Lëtzebuerger Gasimportateur matgedeelt, dass fir 2023 fir ronn 80 % vum Lëtzebuerger Verbrauch Transportkapazitéite fir d'Liwwerung vu Gas an Norwege gebucht sinn. De Rescht vum Verbrauch gëtt iwwer verschidden aner Sourcen am Belsch-Lëtzebuerger Marché gedeckt, wou den Undeel vu russeschem LNG an der Consommatioun bei aktuell 10 % läit. Et kann deementspriechend estiméiert ginn, dass Lëtzebuerg aktuell en Undeel vun ca. 2 % vu russeschem LNG a senge Gasmengen huet.

**•Wéi gesäit d'Strategie vum Import vu Flësseggas fir déi kommend Méint aus?**

Déi wichtegst Strategie ass d'Importofhängegkeet duerch eng generell Reduktioun vun der Gasconsommatioun an Europa ze reduzéieren, esouwuel duerch Energieeffizienzmoossnamen wéi och duerch Elektrifizéierungsmesuren.

[1] https://www.bruegel.org/blog-post/preparing-first-winter-without-russian-gas

Do dernieft wäert d'EU och weider staark op LNG setze fir dee Gas ze kompenséieren, deen historesch iwwer Pipelinen aus Russland an Europa koum. Esou hunn zum Beispill Däitschland, Frankräich, d'Belsch an Italien konkret Pläng fir bis den Hierscht 2024 hier LNG-Infrastrukture weider auszebauen. Um globalen LNG-Marché sinn och eng Rei nei LNG-Produktiounsanlage geplangt, déi an de Joren 2024 a 2025 a Betrib geholl solle ginn. Hei plangen zemools d'USA e gréisseren Ausbau. Fir vun dësen Anlagen ze profitéieren ass d'EU am enken Echange mat dëse Länner.

**•Mat Bléck op de kommende Wanter, wéi wäit sinn d'Gas-Späicheren zu Lëtzebuerg aktuell gefëllt?**

Et ass wichteg ze bemierken, dass et zu Lëtzebuerg aus geologeschen Ursaache keng Gas-Späichere gëtt. Fir de kommende Wanter ass d'Situatioun an Europa par Rapport zu de Gasspäichere ganz gutt. Déi europäesch Späichere sinn zu ronn 94 %[2] gefëllt an domadder ass dat europäescht Zil aus dem Artikel 6bis vum "Règlement (UE) 2017/1938 du Parlement européen et du Conseil du 25 octobre 2017 concernant des mesures visant à garantir la sécurité de l'approvisionnement en gaz naturel et abrogeant le règlement (UE) no 994/2010" dass d'Gasspäichere bis den 1. November zu mindestens 90 % mussen opgefëllt sinn, schonn erreecht.

D'Fournisseuren, déi hei zu Lëtzebuerg aktiv sinn, sinn awer duerch den Artikel 6quater vum selwechten europäesche Kader an der entspriechender nationaler Ëmsetzung vun dëser Dispositioun gebonnen, eng Partie vun der Demande vun hire Clienten an auslännesche Gasspäicheren ze späicheren. Fir dëser Obligatioun nozekommen notzen d'Fournisseure gréisstendeels Gasspäicheren an Däitschland awer och a Frankräich. An dëse Länner sinn d'Späicheren am Moment zu 94 % an 90 % gefëllt.

Lëtzebuerg, den 18. Oktober 2023
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie

[2] https://agsi.gie.eu/